piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 25/08/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

An de Waggone vun den CFL sollen am Kader vun engem Pilotprojet Sammelbehälter fir gebrauchte Sprëtzen installéiert ginn. Sou eng Mesure werft awer Froe vill Froen op iwwert d'Drogepolitik an d'Aarbechtsbedingunge bei den CFL. Zich sinn u sech keng Plazen, an deenen Drogen dierfe konsuméiert ginn. Fir d'Personal, dat net an der sozialer Begleedung vun Drogenofhängegen ausgebilt ass, kann dës Moossnam och problematesch ginn an et bestinn och Bedenke fir d'Sécherheet vun de Passagéier,

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Kann d'Ministesch bestätegen, dass an CFL-Zich Sammelbehälter fir gebrauchte Sprëtzen installéiert goufen oder wäerte ginn, a falls jo, a wéi villen Zich, op wéi enge Linnen a fir wéi eng Dauer?

2. Wien ass responsabel fir d'Kontroll an d'Eidelmaachen vun dëse Sammelbehälter a wéi gëtt séchergestallt, datt d'Personal engem Verletzungs- oder Infektiounsrisiko ausgesat gëtt?

3. Wéi vill gebrauchte Sprëtze goufen an den CFL-Zich an de Joren 2023 bis 2026 fonnt?

4. Sinn esou Behälter och fir den RGTR-Busreseau oder Luxtram geplangt? Falls nee, firwat just bei den CFL?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

5. Op wéi engen aneren ëffentleche Plazen am ëffentlechen Transport sinn esou Sammelbehälter ze fannen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten